

## **Reclassement vum Ban de Gasperich (Ville de Luxembourg)**

C.S. - Den 17. Abrëll 2008 huet d'Cour administrative den Appel (vun 5 Familljen, Memberen vum Interesseveräin Gaasperech) als recevabel a justifiéiert erkläert a gesod, dat dëss Affaire misst « au fond et à la forme » jugéiert gin. Den Interesseveräin (IVG) gëtt doropshin attackéiert, si gifen elo de Bau vun dem Centre de Secours a dem Lycée Vauban stoppen. D'Komiteesmemberen vun dësem ganz aktiven Interessensveräin, bezidd zu deenen eenzelnen Streitpunkten mat der Stad Lëtzebuerg Stellung:

### **D'Verantwortung vum Gemengerot**

De Gemengerot hätt sollen eng « ponctuelle Modificatioun » vum PAG machen an d'« zone d'aménagement différée en cas de nécessité reconnue » esou wéi de Projet d'aménagement Général et virgeseit ëmklasséieren, dann hätte se haut kee Problem an de Grondsteen fir de Centre de Secours an de Lycée Vauban wäer schon geluegt.

### **Centre de Secours**

Et muss e klorstellen dat den IVG ni géint de Centre de Secours reklaméiert huet. De Bau vum Lycée Vauban war eis nach net bekannt, wéi Prozedur ugangen ass a mir hätten och do dogéint nët reklaméiert, par contre hu mir souguer Propositionen gemach fir en Alters- a Pflegeheim ze bauen. Dat eenzecht wat mir bei den Autoritéiten gefrot hun, dat ass datt d'Entrée/Sortie vun dem Centre de Secours direkt op d'Autobunn soll féieren a nët an de Quartier.

### **« Wohnen im Park »**

Mir hu géint de Projet « Wohnen im Park » reklaméiert, wëll dëse Projet am Iwerschwemmungsgebitt vun der Drosbech gebaut soll gin. Et ass och esou, datt laut der „partie écrite“ vum Reklassement vun den Terrains'en, dest keng Wunnengen sin am Sënn vun Logementer fir Familljen, mä Temporairewunnengen, Hôtelen an Apparthôtelen. Et ass also keng Ursach do, fir elo eis esou dohinner ze stellen, dat mir gifen den Wunnengsbau verhënneren.

### **Strosseinfrastrukture**

Dann hu mir reklaméiert géint déi Megastrosseinfrastrukturen, déi jo nach méi Autoen unzéien mat all hiren Nodeeler. Iwregends hat d'Commission d'aménagement vum Innenministère festgehalten, dat déi Strosseinfrastrukturen aus dem Reklassement solle eraus geholl gin.

### **Ween wier betraff?**

Ausserdeem gett Gemeng an hirem Avis zou, datt dat hei e Projet ass mat enger nationaler souguer internationaler Incidenz ass, a mir kréien op der aaner Säit gesot, dat mir nët betraff solle sin? Duerfir si mir elo frou, dat mir iwert Cour Recht kritt hun an elo d'Affaire um Tribunal administratif um Fong jugéiert gëtt. D'Fixatioun vun der Affär ass fir den 4. Mee virgesin.